Méisproochegkeet liewen

Kanner begleeden!

Ech huele mir bewosst Zäit fir de Kanner Erklärungen ze ginn.

Ech bidden de Kanner d'Méiglechkeet, sech an hire(r) Sprooch(en) auszedrécken.

Ech ginn op Aenhéicht vun de Kanner.

Ech huele mir bewosst Zäit a schwätze lues an däitlech mam Kand.

Ech sichen de Bléckkontakt mam Kand.

Ech gi bewosst op d'Kand a seng Reaktiounen an.

Ech suerge fir eng angeneem Atmosphär fir d'Kanner a fir mech.

Ech bannen d'Kanner aktiv an d'Erzielung vun der Geschicht mat an.

Ech sinn oppe fir de Kanner hir Erzielungen an erméiglechen hinnen e spillerese Kontakt mat de Sproochen.

Ech gräifen de Kanner hir Erzielungen, Erliefnesser an Emotiounen op a bedeelege mech un hiren Theemen.

Ech lauschteren de Kanner opmierksam an interesséiert no.

Ech loosse Gespréicher iwwer Dësch bewosst zou, sou dass d'Kanner sech sprooclech ausdrécke kënnen.

Ech stäerken d'Kanner am Gebrauch vun hire(r) Sprooch(en).

Ech begleeden d'Kanner ouni se ze veronsécheren.

Ech sinn e méisproochegt Virbild fir d'Kanner.

Ech ginn op Aenhéicht vun de Kanner.

Ech dauche mat hinnen an hir Fantasiewelt an.

Ech observéieren an dokumentéieren wéi eng Sprooch(en) dem eenzele Kand zu deem Zäitpunkt wichteg sinn.

Pedagogesch Haltung

Handelt bewosst. Huelt lech Zäit fir mat de Kanner an d'Gespréich ze kommen. Gitt de Kanner an ënnerschiddleche Situatiounen d'Méiglechkeet sech ouni Angscht an onbeschwéiert méisproocheg auszeprobéieren. Begéint de Kanner dobäi op Aenhéicht, weist Interesse un hiren Themen an evitéiert d'Kanner mat onbeäntwerte Froen zeréckzeloossen.

Duerch Är oppen Haltung géigeniwwer Sprooche ënnerstëtzt Dir d'Kanner an hirem sprooclechen Entwécklungsprozess.

Ech notze meng Familljesprooch fir de Kanner en authentescht Sproocherliefnes ze erméiglechen.

Ech schwätze lues an däitlech a bannen de Kanner hir Iddie mat an.

Ech zwénge kee Kand matzemaachen.

Ech loossen d'Kanner och an hire Familljesprooche schwätzen.

Ech sinn oppe géintiwwer alle Sproochen.

Ech loosse mir eppes erklären, wann ech eppes net verstinn.

Ech benotze bewosst déi lëtzebuergesch an déi franséisch Sprooch.

Ech erzielen an där Sprooch, déi grad am Virdergrond steet.

Ech bannen d'Kanner op eng spilleresch Aart a Weis an déi jeeweileg Sproochen an.

Ech observéieren d'Sprooche vun de Kanner.

Ech stäerken d'Kanner an hiren Erzielungen a ginn hinne virun allem d'Gefill verstanen ze ginn.

Ech leeë Wäert op en natierleche Kontakt mat de Sproochen.

Ech notzen d'Aktivitéiten fir d'Kanner souwuel mat der lëtzebuergescher an der franséischer Sprooch a Kontakt ze bréngen.

Ech drécke mech souwuel op Lëtzebuergesch wéi och op Franséisch aus an, wann néideg a méiglech, an de Kanner hire Familljesproochen.

Ech loossen d'Kanner sech an där Sprooch ausdrécken an där si wëllen.

Design & Illustration – herz.li – HERZAN MACHE

no enger Iddi vun

Service National de la Jeunesse

LakoS
Landeskompetenzzentrum zur Sprachförderung an Kindertageseinrichtungen in Sachsen